15.08.2025

# World Scout Jamboree 2027 – Polen
# **Luxembourg Contingent**
# **Newsletter 2**

## *Zesumme mam Lëtzebuerger Contingent dobäi sinn!*

**Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,**
Maacht iech prett fir *dat* internationaalt Scouts-Event vum Joer 2027!
Am August 2027 versammelen sech méi wéi 40.000 Guiden a Scouten aus der ganzer Welt op dem **26. World Scout Jamboree** – dëst Kéier zu **Polen**.

Zesumme mam **Lëtzebuerger Contingent**, besteet fir iech d'Chance, dëse **Camp** matz'erzielen, nei Kulturen z'entdecken, Frëndschaften iwwer Grenzen eraus ze schléissen an einfach eng onvergiesslech Zäit ze erliewen!

**Op ee Bléck:**
📌 **Wat?** 26. World Scout Jamboree
📍 **Wou?** Gdańsk, Polen
📅 **Weini?** 30. Juli bis 8. August 2027 *(ouni eventuell Norees)*

Offiziell Websäit: [www.jamboree2027.org](www.jamboree2027.org)
Programm-Iwwerbléck: [Jamboree Programm]()

🌍 **Lëtzebuerger Contingent**
Mir trieden als **Scouting in Luxembourg (SIL),** gemëschten Ekippe vun **LGS** a **FNEL** un, an den **Paul Fay (Tahr)** vun der FNEL esou wei den **Charel Donven** vun der LGS iwwerhuelen d'Roll vum **Head of Contingent**.
Zesumme bereede mir eis vir, fir als ee staarkt Team u coole Contingent-Aktivitéiten a villem méi, a Polen um Jamboree deel ze huelen.

**Wéi kanns de matgoen?**
Dir kënnt **op dräi verschidde Manéieren** um Jamboree deelhuelen:

1. **Participant**
    - Gebueren tëscht dem 30. Juli 2009 a 30. Juli 2013
    - Keng Ausnamen méiglech
    - Et huet een nëmmen ee mol a sengem Liewen d'Méiglechkeet als Participant un engem Jamboree deel ze huelen!
2. **Chef (Unitleader)**
    - Mindestens 21 Joer bis den 29. Juli 2027 (Gebuertsdatum: 29. Juli 2006 oder méi fréi)
3. **Chef (normal)**
    - Mindestalter: 18 Joer bis den 29. Juli 2027 (Gebuertsdatum: 29. Juli 2009 oder méi fréi)

4. **IST – International Service Team**
    - Mindestalter: 18 Joer bis den 29. Juli 2027 (Gebuertsdatum: 29. Juli 2009 oder méi fréi)
    - Dir schafft an internationalen Ekippen um Jamboree selwer mat fir de Participant'en en onvergiesslechen Camp ze garantéieren– eng super Erfarung!
    - Zousätzlech schaffe mir un engem Food-House Konzept wou mir, sollt et dann esou wäit sinn, och motivéiert ISTs sichen, déi Loscht hunn do ze schaffen!

**Käschten :**
**Jamboree-Paket:**
**Participant / Chef:** Maximum **2.100 €**
- 1.500 € fir de Camp (definéiert vum WSJ)
- 250 € fir den Transport
- 350 € Divers + Reserve

**IST:** Maximum **2000 €**
- 1.400 € fir de Camp (definéiert vum WSJ)
- 250 € fir den Transport
- 350 € Divers + Reserve

**Acompten:**

| Wat | Wéini | Montant |
|---|---|---|
| 1. Acompte | 01/01/2026 | 500€ |
| 2. Acompte | 01/05/2026 | 500€ |
| 3. Acompte | 01/09/2026 | 500€ |
| 4. Acompte* | 01/02/2027 | 400-600€ |
| Norees (optional) | Nach net definéiert | Nach net definéiert |

* 4. Acompte: De leschten Acompte ass de Recht vum gesamt Betrag an hänkt vun Early Registration/Regulär an IST/Participant/Chef of. Zousätzlech kéint de Präis bis dohin och allgemeng nach vun eiser Säit aus erof gaange sinn. Den Noreess präis ass onofhängeg vun dësem Acompte.

**Rechnung:**
D'Rechnunge fir d'Acompten, wäerten iwwert d'Gruppe lafen. Dëst gëllt fir all Grupp, wou méi wéi 3 Leit mat op den Jamboree ginn.

**Umeldung:**
D'Umeldung geet de 1. September 2025 op a geet de 18. Oktober 2025 (23:59) zou.
Link: https://wsj2027.sil.lu/umeldung/
Deng Umeldung ass eréischt definitiv, wa mir dës confirméiert hunn! Dëst geschitt viraussichtlech Ufank bis Mëtt November!

**Remboursement Policy:**

- **D'Acompte si fälleg fir déi uewen uginn Deeg a sinn net remboursabel.**
- Ausnam: Et fënnt een ee gëeegente Remplaçant. Den CMT huet dat lescht Wuert bei der Decisioun op déi proposéiert Persoun als gëeegente Remplaçant Zielt an ob dëst nach méiglech ass.
- All weider Remboursementer ginn no dem Camp gemaach, wann de finalen Decompte gemaach ass.

**Fir wat ass de Camp esou deier?**
Ee Camp wéi een Jamboree, wou 40.000 Leit drun deel huelen, bréngt vill logisteschen an infrastrukturellen Opwand mat sech, fir dëse Camp ze erméiglechen an d'Sécherheet vun all de Participant, Chef oder IST ze versécheren.
Doriwwer eraus ass d'Ziel vun engem Jamboree Scouten aus der ganzer Welt begréissen ze kennen. Vue dass et grouss finanziell Ënnerscheeder ginn, gëtt et fir den Jamboree 4 verschidde Präisser jee nodeem wou een hier kennt. Do fält Lëtzebuerg an déi deierst Kategorie a mir bezuele mat eiser Participatioun och deelweis d'Participatioun vun anere méi aarme Länner mat.

Zu dem Präis vum Camp kommen och nach eis Käschten wéi den Transport , Foulard + Badge an lafend Käschten, an allgemeng eng Reserve fir de Camp och sécher finanziell stemmen ze kennen. Mir als Contingent Management Team hoffen an de kommende Méint, wann och eis Finanze méi kloer ginn, dass mir dann de Präis nach gedréckt kréien.

Als Deel vun der Jamboree Preparatioun, wäerten d'Unitéiten mat de Chef a Participanten Aktioune plangen fir Suen ze sammelen an hiere Präis ze drécken.

**Norees:**
Mir sinn um gaangen ee Konzept fir eng Norees auszeschaffen. Do wäerten an engem spéideren Zäitpunkt Informatiounen zu der Rees an de Käschten nokommen.

**Méi Informatiounen:**
Op eisem Site sinn nach méi Informatiounen ze fannen a gëtt Reegelméisseg aktualiséiert. Do sinn all d'Informatiounen op Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch ze fannen!
https://wsj2027.sil.lu

**FAQ:**
Fir ville Froen eng schnell Äntwert ze bidden, hu mir een FAQ op eisem Site. Kuck gären do eng kéier op deng Fro scho gestallt gouf. https://wsj2027.sil.lu/faq/

**Froen? Mir si fir iech do!**
cmt@wsj2027.sil.lu
Maach mat a gëff Deel vun enger globalen Scouten-Aventure déis de ni vergiessen wäerts! Mir freeën eis op deng Umeldung – a virun allem op d'Zäit zesummen an Polen! PL

**Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,**
*Fir de Lëtzebuerger Contingent*
**Tahr & Charel**